LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité


**Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°901 vum 17. Juni 2024 vun den éierewäerten Deputéierten déi Hären Ben Polidori a Marc Goergen iwwer "Raton laveur"**

**Aus den Zuelen aus der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 6159 ass ervir gaangen, "dass d'Juegd weder d'Augmentatioun vun der Densitéit nach d'Ausbreedung no Süden (vum Wäschbier) konnt stoppen, sou dass se mat grousser Warscheinlechkeet relativ wéineg regulatoreschen Impakt op d'Populatioun huet." Ass dës Ausso och virun den aktuellen Zuelen nach richteg?**


Jo.


**Wéi gesinn déi aktuell Juegdzuelen an dësem Kontext aus?**

Hei drënner ass d'Entwécklung vun de gefroten Zuelen zu Lëtzebuerg vun 2011-2022, an déi geografesch Verbreedung dovunner am Verglach zu de Juegdjoeren 2011/12 an 2021/22.[1]




[1] *Quellen:*
*Schley et al. (2014) Technischer Bericht der Naturverwaltung betreffend Wildtiermanagement und Jagd, Vol. 3, Naturverwaltung, Luxemburg, 72 pp.*
*Jacobs & Schley (2022) Technischer Bericht der Naturverwaltung betreffend Wildtiermanagement und Jagd, Vol. 9, Naturverwaltung, Luxemburg, 72 pp.*




**Gouf déi am Aktiounsplang genannte Methode vum Afänken a Steriliséieren zu Lëtzebuerg schonn ugewant? Falls jo, wéi oft an a wéi enge Situatioune gëtt dës Optioun gewielt?**

Nee, déi genannte Methode gouf nach net ugewant.

**Wéi vill Wäschbiere goufe säit 2020 pro Joer gefaangen a konnten dono an engem Déierepark liewen? Wéi vill Wäschbiere goufe säit 2020 pro Joer gefaangen a sinn entweder direkt nom Fänken oder nodeems keng Plaz an engem Déierepark konnt fonnt ginn, dout gemaach ginn?**

Am Kader vu Gestiounsmesuren aus Naturschutzgrënn huet d'ANF folgend Unzuel u Wäschbieren gefaangen:

| Joer | Unzuel duerch ANF gefaange Wäschbieren |
|---|---|
| 2020 | 0 |
| 2021 | 1 |
| 2022 | 0 |
| 2023 | 4 |
| 2024 | 64 |

D'ANF huet keng Wäschbieren an een Déierepark vermëttelt.

**Wéi eng konkret Mesure goufen am Kader vum Aktiounsplang geholl, fir vum Wäschbier bedreeten Aarten ze schützen?**

Op sensibele Plazen, wéi zum Beispill a verschiddenen Naturschutzgebidder, huet d'ANF Wäschbiere gefaangen fir seelen oder bedreeten Aarten ze schützen.

**Wat fir Resultater huet den annuelle Monitoring vun der Wäschbierepopulatioun an de leschte Joren erginn?**

D'ANF mécht keen annuelle Monitoring vun de Wäschbieren. Aus den uewe genannten Zuelen erginn sech awer eng Rei Erkenntnisser (cf. Äntwert op d'Fro 2): d'Zuelen vun de geschossene Wäschbiere gi kontinuéierlech an d'Luucht, an et schéngt och datt d'Populatioun vum Wäschbier wiisst, respektiv de Wäschbier sech geografesch ausbreet, notamment no Süden.

**Wéi eng Conclusiounen zitt de Minister aus dësen Zuele vun de vergaangene Joer fir déi weider Virgoensweis am Ëmgang mam Wäschbier zu Lëtzebuerg ze bestëmmen?**

De Wäschbier ass op der Annex vum EU-Reglement 1143/2014 vun den invasiven net-eenheemeschen Aarten, an d'Memberstaate vun der EU, also och Lëtzebuerg, si gehalen, déi Aarten ze geréieren fir hier negativ Impakter op d'Flora a Fauna ze minimiséieren. Lëtzebuerg wäert dat also och weiderhi maache mussen.

Lëtzebuerg, den 13. August 2024
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit